***Jongbaueren- a Jongwënzerdag 2012***

# Fir gerecht Strukturen am Süden an am Norden

### Usprooch vum Här Äerzbëschof Jean-Claude Hollerich



Léif Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer,

Fir d'Alleréischt géif ech gäre soen, datt ech immens frou sinn, fir haut den Owend hei derbäi ze sinn. Ech hunn dat lescht Joer vill geléiert an ech muss soen, datt déi Professionalitéit, déi dir un d'Saach leet, mech imponéiert. Ech wëll iech awer och Merci soe, fir de Service de Coopération. Et ass net méi esou evident, datt een un déi aner dénkt. Dir maacht dat. An dir maacht nach e weidere grousse Schratt mat deem Thema vun haut. Et ass eng Saach, är Äerm an är Suen an d'Kooperatiounsaarbecht ze investéieren – an op där anerer Säit - de Courage ze hunn, fir no gerechte Strukturen ze kucken. Chapeau!

Well et gëtt vill gefuddelt an der Welt! Äre President huet elo grad vu liberaler Wirtschaft geschwat – wann ech dat hei elo soen, steet muer an enger Zeitung, datt de Bëschof näischt zu der Wirtschaft ze soen huet – mee et ass jo kloer, datt eng liberal Wirtschaft, déi dem angelsächseschen Typ entsprëcht, ganz vill a Länner vun der Drëtter Welt futti gemaach huet. Dat ass net e Modell, deen een einfach esou op déi ganz Welt iwwerdroe kann. Do kënnt dann och nach derbäi, datt een sech froe muss, ob ee vu liberaler Wirtschaft schwätze kann, wann et ëm Liewensmëttel geet? Ass dat net eppes, wat vill méi direkt mat dem Mënsch ze dinn huet? Ech kann iech e Beispill aus ménger fréierer Heemecht Japan ginn. Japan huet sech ëmmer dergéint gestäipt, datt de Räisubau an de ganze Verhandlungspackage mat de Vereenegte Staten derbäi kënnt, well Räis e Grondnahrungsmëttel vun deem Land ass.

Ech ka mir och net virstellen, wéi ee laangfristeg Gerechtegkeet a Punkto Nahrungsmëttel kritt, wa bei äis den Akerbau ofgebaut gëtt. Et geet nëmmen, wa mir äis selwer do investéieren.  Dat heescht, wa mir vun Natur a Kultur schwätzen. Den Akerbau gehéiert jo normalerweis zur Kultur – an och d'Natur ass e Begrëff, dee kulturell definéiert ass. An deem Sënn musse mir elo eng biologesch Landwirtschaft an enger Green economy fannen, wou also Natur a Kultur zesumme kommen, fir an d'Zukunft eran ze goen, fir Wuelstand bei äis ze erhalen an net gläichzäiteg Wuelstand bei aneren onméiglech ze maachen. Ech méngen, datt dat eng wonnerbar Erausfuerderung ass!

Ech freeë mech immens op de Referat vun haut. Merci, dat ech derbäi ka sinn!